N°2062
Entrée le 28.03.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, Yuriko Backes, op d'parlamentaresch Fro n°2062 vum 11. Mäerz 2025 vun dem Här Deputéierte Sven Clement.**

Den honorabelen Deputéierte renseignéiert sech iwwert eventuell Waardezäite fir eng Plaz an de Formatioune vum Centre de formation pour conducteurs (CFC) zu Colmar-Bierg.

Jonk Autofuerer*innen, déi an der Stagezäit sinn, mussen déi zwee Joer Stage ofwaarden éier si mam Certificat de participation vum CFC hiren definitive Führerschäi vun der SNCA ausgestallt kréien.

An dësem Zesummenhang garantéiert den CFC, dass all Kandidat*in dee/déi sech sechs Méint virum Oflaf vun der Stagezäit umellt och mat Zäiten eng Plaz an der obligatorescher Formatioun kritt. Den CFC beméit sech awer och fir deenen, déi sech eréischt kuerz virum Enn vun der Stagezäit umellen, mat Zäiten eng Formatioun ze erméiglechen. Et gëtt bei dëser Formatioun also keng Waardezäiten.

Wat de Cours fir dräi Punkten um Führerschäin zeréckzekréien ugeet, esou ass deen net wéi déi aner Formatioun nëmmen op fräiwëlleger Basis. Zanter, dass d'Strof fir d'Benotze vum Handy um Steier op véier Punkten erhéicht ginn ass, ass Demande no dëse fräiwëllege Coursen eropgaangen. Deemno huet sech d'Waardezäit fir e Rendez-vous fir esou e Cours verlängert. Aktuell läit déi bei bis zu fënnef Méint. Den CFC ass am Moment am gaange fir nei Formateuren auszebilde fir dëser Situatioun entgéintzewierken a fir d'Waardezäite fir e Rendez-vous ze verkierzen.

Lëtzebuerg, den 28. Mäerz 2025

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes